Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L- 4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 - Affilié au C.O.S.L. - Affilié à la NBK - F.I.Q.- WTBA - WNBA

Un: Jugendspiller, Elteren, Jugendkommisioun

Vum: Tom Hoffmann

Datum: 24/10/2016

Léif Jugendspiller, léif Elteren, léif Memberen vun der Jugendkommisioun,

No engem Joer Abstinenz mëllen ech mech am Jugendberäich nees zeréck, allerdéngs net méi als Jugendtrainer mee als Jugendpräsident! Ob dësem Wee well ech d'Geleeënheet notzen der Federatioun an dem Comité MERCI ze soen, dass si mir hiert Vertrauen schenken.

Verschidden Léit wäerten an der Jugendkommissioun aner Funktiounen iwwerhuelen, elo net am Trainerberäich mee méi hannert den Kulissen, vir d'Jugend nees an den Mëttelpunkt ze réckelen, frei nom Motto: "Ouni Nowuess, keng Zukunft!"

Mir wëllen och direkt dovunner profitéieren vir Iech alleguerten (Spiller mat den Elteren) ob eng Informatiounsversammlung, **den 26. November 2016 um 09:00 Auer am QT Péiteng** ze invitéieren wou mir Iech déi néi Organisatioun vun der Jugendkommissioun presentéieren wäerten. Mir kombinéieren déi Versammlung mat engem Jugendtraining wou d'Spiller aus dem Norden souwéi aus dem Süden zesummen trainéieren. Déi Informatioun kritt dir och nach eng kéier vun ärem Trainer matgedeelt.

D'Jugendkommissioun hofft Iech alleguerten an der Versammlung begréissen ze kënnen an wënscht Iech bis dohinner weiderhin: gutt Holz!

mat sportlechen Gréiss,

Tom Hoffmann
Jugendpräsident